

D'Aufgabe vun den Erzéierinnen an Erzéier

Fir sech gutt entwéckelen ze kënnen, brauchen d'Kanner Erwuessener, déi si an hirem Alldag ënnerstëtzen a begleeden. Dozou gehéieren och d'Erzéierinnen an d'Erzéier aus de Bildungs- a Betreuungsstrukturen.

Fir vill Kanner sinn d'Erzéierinnen an d'Erzéier déi éischt Leit ausserhalb vun der Famill, oder vun dem Frëndeskrees, deene si uvertraut ginn. Duerfir ass eng wichteg Aufgab vun hinnen de Kanner eng vertrauensvoll an zuverlässig Bezuchspersoun ze sinn. Et ass un hinnen fir eng Bezéiung mam Kand opzebauen, sech fir et ze interesséieren, him no ze lauschten an et wäert ze schätzen.

D'Kand verbréngt e gudden Deel vu senger Zäit bei den Dageselteren, an der Crèche oder an der Maison-Relais. Et ass duerfir wichteg datt d'Kand gär kënn, sech wuel spiert a sech gebuerge fillt.. Dozou gehéieren eng frëndlech an angeneem Ambiance, a Plaze wou d'Kand sech zrëck zéie kann. Fotoe vun de Kanner, Biller déi si selwer gemoolt hunn a perséinlech Géigestänn droen dozou bäi, dass d'Kanner sech gutt opgehewe fillen.

Zum Kader gehéieren net nëmmen d'Banneraim, mee och den Ausseberäich. Et ass wichteg, dëse genee esou flott an ureegend ze gestalten, wéi d'Banneraim. En attraktiven Ausseberäich motivéiert d'Kand dozou, vill Zäit an der frëscher Loft ze verbréngen. Et soll dem Kand Loscht gemaach ginn, Zäit dobaussen ze verbréngen a sech ze beweegen.

Zu den Aktivitéite an enger Bildungs- a Betreuungsstruktur gehéieren och Alldagssituatiounen, wéi e gemeinsamt lessen. Niewent den Dëschgespréicher, spillt och déi gesond an ausgeglachen Ernährung eng wichteg Roll. Iwwert d'Kachen an d'Bake kënn d'Kand ëmmer nees mat deene verschiddene Liewensmëttel a Kontakt. D'Erzéierinnen an Erzéier encouragéieren d'Kand fir nei Saachen ze schmaachen a suergen fir eng entspaant Atmosphär beim lessen.

D'Kand soll a senger kognitiver a motorescher Entwécklung ënnerstëtzt ginn. Duerfir brauch et ureegend Spillmaterialien a Raimlechkeete fir ënnerschiddlech Aktivitéiten. Et soll sech op verschidden Aart a Weise mat sengen individuellen Interessen a Fäegkeeten ausernaner setze kënnen. D'Kand soll awer och ugereege gi fir Neies auszeprobéieren, a fir esou seng Méiglechkeeten ze erweideren. D'Erzéierinnen an Erzéier organiséieren diversifiéiert Spill- a Léiergeleeënheeten.

An de Bildungs- a Betreuungsstrukture komme méi Kanner beieneen Dëst Zesummeliewen erlaabt et dem Kand sech affektiv a sozial weider ze entwéckelen. D'Erzéierinnen an Erzéier encadréieren dëst Zesummeliewen. Si ënnerstëtzen d'Zesummenaarbecht tëscht all de Kanner. Si hëllefen de Kanner kulturell Ënnerscheeder ze verstoen an déi als Beräicherung unzegesinn. Si intervenéieren bei Konflikter an ënnerstëtzen d'Kanner dobäi, dës Konflikter zesummen an am Gudden ze léisen.

D'Erzéierinnen an Erzéier suergen duerfir, datt all Kand seng Plaz fënnt a matmaache kann. "Partizipatioun" an "Inklusiv" si wichteg Beräicher vun hirer alldeeglecher Aarbecht.

Duerch eng opmierksam Beobachtung vum Kand eenzel, mee och am Grupp, ass et den Erzéierinnen an Erzéier méiglech ze gesi wat d'Kand grad beschäftegt an interesséiert. Doropshi kënn si dem Kand nei Impulser ginn.

Déi lokal Vernetzung ass eng weider wichteg Aufgab vun den Erzéierinnen an Erzéier. D'Kand soll seng Ëmwelt entdecken a säin Horizont erweidere kënnen. D'Erzéierinnen an Erzéier sichen duerfir de Kontakt mat aneren Organisatiounen, Servicer oder Betriber aus dem Quartier oder der Gemeng, fir zousätzlech Léierméiglechkeeten ze schafen.